N°2088
Entrée le 13.03.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 14.03.2025
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITĒ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 13/03/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Wunnengsbau weiderzeleeden.**

D'EU-Kommissioun lancéiert zesumme mat der europäescher Investitiounsbank EIB eng Wunnengsbauoffensiv vun 10 Milliarden Euro iwwert zwee Joer, mat deem de Wunnengsbau an der EU ugekuerbelt soll ginn. D'Zil ass et, fir annerhallef Milliounen zousätzlech Wunnengen ze bauen. Duerch d'EU-Gelder vun 10 Milliarde gëtt ugeholl, dass nach eng Kéier zousätzlech 35 Milliarden u Privatgelder fir Wunnprojete kéinte liberéiert ginn.

Lëtzebuerg huet bekannterweis och eng Wunnengskris a vill Leit zu Lëtzebuerg sichen eng Wunneng. Eist Land brauch Wunnengen, fir d'Wirtschaft an d'sozial Kohäsioun z'erhalen.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi wäert déi lëtzebuergesch Regierung sech un der EU-Wunnengsbauoffensiv bedeelegen?
2. Wéi eng Projete goufen an der Vergaangenheet hei zu Lëtzebuerg am Wunnengsbau mat EU-Gelder realiséiert?
3. Wéi eng Projeten sinn aktuell hei zu Lëtzebuerg a Planung oder a Realiséierung Wunnengsbau mat EU-Gelder?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten